Newsletter de la Fédération Générale de la Fonction Communale

opgepasst

FGFC

2025/06 - www.fgfc.lu



## Protestpiquet Mëttwoch 25. Juni / 13:30 virun der Chamber

# Verantwortung heescht méi wéi just géint alles ze sinn an Gesellschaft ze splécken

An enger Zäit wou vill Leit sech Suergen ëm hir Zukunft maachen, ass et wichteg, datt all gesellschaftleche Partner responsabel handelt – och d'Gewerkschaften an d'Politik.

Et ass legitim a wichteg, d'Stëmm ze erhiewen, op Mëssstänn hinzeweisen a fir besser Aarbechts- a Liewensbedéngunge anzestoen. Verantwortung heescht awer och, net ze manipuléieren, Leit net géintenee auszespillen an net eng Gesellschaft an d'Konfrontatioun ze drécken - amplaz Brandmaueren sollte Brécke gebaut ginn.

Eng FGFC wäert op alle Fall den Dialog mat der Politik a Regierung oprechterhalen. Als responsabel Vertrieder, muss een och mol Réckrat weisen - grad dann wann et onkamoud gëtt well en ënneranerem weiderhinn konstruktiv Léisunge liwweren amplaz eng opgewullte Gesellschaft, zu dem jetzege Moment, op d'Strooss ze trommelen.

Et ass erstaunlech, wéi hautesdags d'Aart a Weis un der Spëtzt vu Protestbewegungen ass. Och Politiker blose Want an de Prostestseegel – souguer déi selwecht, déi 2012 nach kräfteg eis Pensioune manipuléiert hunn an virun nach net laanger Zäit déi sozialistesch Pensiounspropose gemaach haten, fir all Joer ee Mount méi laang ze schaffen. Doriwwer eraus ass den Toun ferm populistesch ugehaucht - och vu Gewerkschaften géint den ëffentlechen Déngscht - an da gëtt elo och nach all aner Meenung, wéi déi vun der aktueller Beweegung direkt als antisolidaresch ofgestempelt.

Gläichzäiteg gëtt vu Meenungsfräiheet a feelendem Sozialdialog gejaut. Dëst ass net nëmmen widdersprëchlech, mee et dréit aktiv dozou bäi, d'Leit an Gewerkschaften selwer ze spalten.

D'Wourecht ass: Et gëtt kee Gewënner, wa mir esou virufueren. Weder déi schaffend Mëtt, nach d'Renten, nach déi jonk Generatioun, nach eis Demokratie. Eng sozial a gerecht Gesellschaftspolitik ass net duerch Drock oder ideologesch Fronten ze schaffe, mee just am Konsens.

Et brauch géigesaïtege Respekt, Realitéisbewosstsinn an eng éierlech gemengte Kompromëssbereetschaft. Lëtzebuerg steet op engem Wendepunkt. D'Beem wuesse net méi esou einfach an den Himmel. D'Land muss sech der Realitéit stellen, an et ass wichteg, d'Vertrauen an der Gesellschaft zréckzebauen. Et geet net just ëm d'Renten, mee ëm d'Fäegkeet, gemeinsam zukunftsfäeg Léisungen ze fannen.

Et geet soumat net ëm politesch oder Gewerkschaftscouleur. Et geet net ëm dogéint oder dofir, mee fir Léisungen. Léisungen, déi zesumme fonnt gi mussen, net mat Populismus oder eidele Verspriechen. Et geet ëm déi gemeinsam Verantwortung, déi mir all droen – ob als Bierger, Politiker oder Gewerkschaft.

Jiddereen zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu ville Millioune Mënschen op der Welt, huet dat Privileg, seng Meenung fräi - och op der Strooss - auszedrécken. Dëst Recht ass wichteg an dierf vu kengem a Fro gestallt ginn. Wien demostréiert, soll awer och wëssen, firwat. Dofir eise Faktencheck – kloer a verständlech – dat zu all den aktuellen Themen. Eng FGFC ënnerstëtz dee fräie Meenungsaustausch, och wa mir net mat all Inhalt respektiv der Manéier vun der Kommunikatioun averstane sinn. Mir hu Versteesdemech fir Frust an Existenz-Ängscht.

Eng FGFC weist sech solidaresch mat sengem Kooperatiounspartner der CGFP an dem SYPROLUX, de Mëttwoch 25. Juni um 13 Auer 30 um Protestpiquet virun der Chamber deelhuelen. Zesummen appelléiere mir un de Sozialdialog an déi zukünfteg Erausfuederunge gemeinsam an op Aenhéicht unzegoen.

*Matgedeelt vum Bureau exécutif élargi*

Kloer a verständlech zu all den aktuelle Themen

# Faktencheck

## Nei Regele fir d'Ouvertureszäiten am Handel zu Lëtzebuerg

**D'Ouvertureszäiten am Handel zu Lëtzebuerg ze liberaliséieren ass net nei. Schonn an der Vergaangenheet hu verschidde Regierungen dës Fro opgeworf.**

Zum Beispill huet de Minister Lex Delles, deen zanter 2018 fir kleng a mëttelstänneg Entreprisen zoustänneg ass, scho fréi an senger Mandatszäit eng Reform vun den Ouvertureszäiten ugekënnegt. Dës Propos gouf awer duerch d'COVID-19-Pandemie verspéit. Déi aktuell Regierung wëll d'Ouvertureszäite vun de Geschäfter zu Lëtzebuerg elo änneren.




Et gëtt aktuell un zwee nei Gesetzer geschafft:

1. **Längere Ouvertureszäiten:**
   Geschäfter solle vu méindes bis freides vu 5 bis 22 Auer, an de Weekend a Feierdeeg vu 5 bis 19 Auer opmaache kënnen. E puer speziell Deeg wéi Chrëschtdag oder Silvester mussen d'Butteker awer méi fréi zoumaachen.

2. **Schaffen op engem Sonndeg**
   Aarbechter dierften an Zukunft bis zu 8 Stonnen op e Sonndeg schaffen, mat 70% méi Pai pro Stonn.

### Firwat dat?

D'Regierung seet, dat géif de Geschäfter méi Flexibilitéit ginn, virun allem fir géint Internethandel a Konkurrenz aus dem Ausland besser ze konkurrenzéieren. Desweideren ginn et aktuell vill accordéiert Ausameregelungen fir eenzel Commercen wat dann duerch e Gesetz fir jiddereen selwecht gereegelt wier.

### Fazit:

Munch Gewerkschafte maachen sech Suergen ëm d'Wuel vun de Mataarbechter an d'Familljeliewen. Si fäerten, datt besonnesch kleng Butteker ënner Drock gerode kéinten. Et ass och eng Tatsaach dass vill Leit, elo schonn a secteuriwwergräiffend, net nëmme Sonndes méi laang a spéit schaffen, wéi z.B. Eenzelhandel (Tankstellen, Supermarchéeën) , Gastronomie, Gesondheetswiesen, Verkéier & Logistik, Medien a Journalismus -net ze vergiessen Pomjéën, Police, Buschaufferen déi all op Schichte schaffen…

## Gesetzgebung iwwer Kollektivverträg zu Lëtzebuerg

**D'Regierung zu Lëtzebuerg huet aktuell d'Intentioun, d'Gesetzgebung iwwer d'Kollektivverträg ze reforméieren. Dëst steet am Zesummenhang mat enger EU-Direktiv, déi virgesäit, dass op mannst 80 % vun de Salariéen an der EU duerch en Kollektivvertrag solle geschützt sinn – zu Lëtzebuerg ass dat de Moment nëmmen bei ronn 50 % de Fall.**

### Wat ass geplangt?

**Mam Projet de loi n°8437 wëll d'Regierung:**

- **D'Roll vun de Sozialpartner bei der Festleeung vum Mindestloun stäerken,**



- **An d'Verhandlunge vun neie Kollektivverträg méi breet förderen,**
- **E nationale Plang opstellen, fir d'Konditioune fir esou Verhandlungen ze verbesseren.**
- **Dës Reform kéint wäitreechend Ännerunge fir d'Aarbechtswelt mat sech bréngen.**

## Wien dierf aktuell eng CCT ënnerschreiwen?

Op Säit vun de Salariéen, nëmmen gesetzlech unerkannt Gewerkschaften dierfen CCTen ënnerschreiwen. Dës mussen entweder:

- national representativ sinn (op d'mannst 20 % vun de Stëmme bei Gewerkschaftswahlen an Aktivitéit an de meeschte Wirtschaftssecteure),
- oder secteurspezifesch representativ (op mannst 50 % vun de Stëmme bei de Personaldelegatiounswahlen an engem Secteur).
- Si mussen och onofhängeg vum Patron sinn – organisatoresch a finanziell.

Op Säit vum Patron:

- Eenzel Entreprisen,
- Beruffsverbänn oder
- Gruppen aus Betriber mat ähnlechem Aktivitéitsfeld eng CCT ofschléissen.

Nodeems e CCT ënnerschriwwe gouf, muss deen bei der ITM deposéiert a spéider am Mémorial publizéiert ginn, fir offiziell a Kraaft ze trieden.

## Wat bedeit dat fir mech als Salarié?

Fir de Moment gëtt et nach keng direkt Ännerung. Awer wann d'Reform duerchgeet, kéint dat bedeiten:

- Méi Salariéeë géife vu Kollektivverträg profitéieren,
- D'Rechter an d'Lounbedingungen kéinten op méi Plazen verbessert ginn,
- Gewerkschaften kéinte vläicht eng aner Roll an de Verhandlunge kréien – dat gëtt aktuell nach diskutéiert.

Gewerkschafte wéi d'OGBL hu scho Kritik geäussert: Si fäerten, datt an Zukunft och Patronen direkt mat Salariéeën kéinte verhandelen, ouni d'Ënnerstëtzung vun enger Gewerkschaft.

Vun der Säit vum Patronat an och vu gewerkschaftsneutralen Personaldelegatiounen kënnt Kritik un déi national representative Gewerkschaften. Et gëtt bemängelt, datt d'Entreprisen aktuell un de Verhandlungswëlle vun dëse Gewerkschafte gebonnen sinn a keng Méiglechkeet hunn, onofhängeg direkt mat de Salariéeën oder Personaldelegatiounen en Accord ze fannen.

## Fazit:

D'Regierung wëll d'Zukunft vun de Kollektivverträg méi breet an d'Societéit bréngen. Wien dierf ënnerschreiwen a wéi déi Verhandlungen organiséiert sinn, kéint sech dobäi awer veränneren.



# Firwat Stroum a Gas zu Lëtzebuerg méi deier ginn sinn

**Zanter dem Januar 2025 hu vill Leit zu Lëtzebuerg gemierkt, datt hir Stroum- a Gasfakture méi héich ausgefall sinn. Dës Hausse kënnt net vun engem eenzege Grond, mee aus enger Kombinatioun vu verschiddenen Entwécklungen.**

**Hei eng detailléiert Erklärung op einfachem Lëtzebuergesch:**

1. **D'Staatshëllefe gi manner**
   Wärend der Energiekris (2022–2024) huet d'Regierung e sougenannte „Stroumbremser" agefouert. Dat heescht: de Staat huet e grossen Deel vum Stroum- a Gaskäschten iwwerholl, fir d'Bierger ze entlaaschten. 2025 ass dës Hëllef net méi sou staark wéi virdrun. De Staat bezilt zwar nach ëmmer en Deel, mee manner – an dowéinst klammen d'Fakturen fir vill Leit.

2. **Nei Reegel fir Stroum-Taxen**
   Zanter 1. Januar 2025 gëtt Stroum net méi just no der Quantitéit verrechent, mee och no der héchster Leeschtung déi verbraucht gëtt (z. B. wa vill Apparater gläichzäiteg lafen). Dat nennt een eng "Leistungsbasiert Tarifikatioun".

   *Beispill: Wann s du moies d'Heizung, de Kaffisapparat an d'Spullmaschinn uméchs, kann dat d'Leeschtungs-Spëtzt eropsetzen – an doduerch gëtt et méi deier, och wanns de net méi verbrauchst am Ganzen.*

3. **Gaskäschten si staark geklommen**
   Beim Gas huet de Staat virdrun d'Netz-Käschten iwwerholl. Dës Hëllef ass 2025 fortgefall. Gläichzäiteg ass d'$CO_2$-Steier geklommen, well Gas fossill ass a vill $CO_2$ produzéiert.

   D'Kombinatioun aus méi héijen Netzkäschten an enger méi héijer $CO_2$-Steier féiert dozou, datt de Gas ëm ronn 36 % méi deier ginn ass am Verglach zum leschte Joer.

4. **Lëtzebuerg ass ofhängeg vum Ausland**
   Lëtzebuerg huet keng eege grouss Energiequelle wéi Stroumkraaftwierker oder Gaspipelines. Mir importéieren bal alles aus dem Ausland. Wann d'Präisser do klammen (z. B. duerch weltwäit Krisen oder Maartentwécklungen), klammen se automatesch och hei.

## Wat mécht de Staat als Ausgläich?

Fir d'Leit net eleng ze loossen, huet d'Regierung 2025:

- en neie Subsid vu 171 Milliounen € fir d'Stroumfakturen ausgeschafft,
- d'Prime Énergie verdreifacht,
- an d'Allocation de vie chère opgestockt.
- Awer trotz dëse Mesurë spiere vill Ménagen eng kloer Belaaschtung.

## Fazit:

D'Präisser si geklommen, well:

- d'Staatshëllefe manner gi sinn,
- nei, méi komplex Taxen agefouert goufen,
- déi international Präisser héich sinn,
- an d'$CO_2$-Steier méi héich ass.

Fir déi meescht Leit heescht dat: besser oppassen, wéini a wéi vill Energie verbraucht gëtt, a sech bei Besoin iwwer sozial Hëllefen informéieren.



Fazit:

D'CNS bleift fir de Moment stabil, mee d'Fro vu steigende Krankmeldunge stellt sech ëmmer méi däitlech – souwuel fir d'Sozialversécherung wéi och fir d'Gesellschaft als Ganzt.

## Wat ännert sech bei der Krankekeess? – An d'Fro vun den ëmmer méi heefege Krankmeldungen

**Aktuell gëtt kee groussen Ëmbau bei der Krankekeess (CNS) zu Lëtzebuerg geplangt. D'Cotisatiounssätz bleiwen 2025 stabel, och wann d'CNS an de nächste Joren kéint an d'Defizit rutschen. Fir dës Situatioun am Bléck ze halen, si Diskussiounen am Laf vun 2025 virgesinn tëscht Regierung a Sozialpartneren.**

### Wéi gesäit et mat de Präisser aus?

D'Tariffer fir medezinesch Leeschtunge ginn zwar reegelméisseg ugepasst, mee eng grouss Reform vum System ass aktuell net geplangt.

### Wat mécht Suergen: D'Zuel u Krankmeldungen klëmmt

Statistike weisen: Et ginn ëmmer méi Krankmeldungen. Dëst huet net nëmmen en soziologesche Buedem (z. B. Burnout, Aarbechtsdrock, psychesch Gesondheet), mee och en economeschen Impakt: méi Ausfäll bedeiten méi Käschten fir d'CNS a méi Drock op d'Betriber.

### Wat geschitt domat?

Eng Reform ass zwar nach net konkret op der Agenda, mee Diskussiounen lafen schonn doriwwer, wéi een verantwortungsvoll a gerecht mat deem sensibele Sujet soll ëmgoen – ouni déi medezinesch Noutwendegkeet vun enger Krankmeldung a Fro ze stellen.

## Kënnt eng Gesetzesännerung fir Demonstratiounen a Plazverweis zu Lëtzebuerg?

**Den Innenminister, Léon Gloden, huet 2024 eng nei Gesetzesännerung virgestallt, déi méi Reegelen a méi Police-Kompetenze fir Versammlungen a Plazverweis soll bréngen. Dëst suergt fir Diskussiounen an och fir Kritik vun vereenzelte Gewerkschaften a Mënscherechtsorganisatiounen.**

### Wat ass geplangt?

1. **Plazverweis:**
   D'Police soll méi einfach d'Recht hunn, engem ze soen, dass en e bestëmmte Plaz direkt muss verloossen z. B. wann:
   - en d'Rou, d'Sécherheet oder d'Salubritéit stéiert,
   - oder wann e géint d'Regele vun engem bestëmmte Raum oder Evenement verstéisst.

2. **Versammlungen op ëffentleche Plazen:**
   Et ass och en neit Gesetz fir Manifestatiounen an der Ëffentlechkeet. Dëst soll:
   - kloer definéieren, wéi eng Manifestatiounen mussen ugemellt ginn,
   - wéi d'Autoritéite kënne reagéieren, wann eng Demonstratioun als geféierlech oder illegal ugesi gëtt,
   - an d'Konditioune klären, ënner deenen eng Versammlung verbuede ka ginn.

### Firwat gëtt dat kritiséiert?

- Munch Gewerkschaften a Mënscherechtsgruppen fäerten, dass dës nei Regele kéinte d'Recht op Protest a fräi Meenungsäusserung aschränken.

- Si mengen, dass d'Police ze vill Spillsraum kéint kréien, fir Demonstratiounen aus Sécherheetsgrënn ofzesoen oder Persounen e Plazverweis ze ginn, och wann keng konkret Gefor besteet.

### Wat seet de Minister dozou?

De Léon Gloden seet, dass et net drëms geet, d'Rechter vu Bierger ze limitéieren, mee fir d'Sécherheet bei gréisseren Evenementer a Manifestatiounen besser ze garantéieren. D'Zil wier e gläichgewiichtegt Gesetz, dat d'Fräiheet schützt, mee d'Police Handlungsspilraum gëtt, wann d'Uerdnung a Gefor ass.

### Fazit

Et gëtt aktuell kee Gesetz, dat direkt d'Recht op Streik oder Demonstratioun ofschafe géif. Awer et sinn Ännerungen um Plang, déi d'Police méi Muecht ginn, wann et ëm d'Kontroll vun ëffentleche Versammlunge geet. Dës Mesurë sinn nach net definitiv gestëmmt, mee si ginn am Moment an der Chamber diskutéiert.

## Wunnengsnout, Klimakris a sozial Ongläichheeten – Wat leeft aktuell zu Lëtzebuerg?

**Zu Lëtzebuerg ginn et aktuell eng Rei grouss Erausfuerderungen, déi vill Mënsche betreffen – besonnesch déi mat niddrege Revenuen oder ouni ee staarkt sozialt Netz. Et geet dobäi ëm d'Fro: Gëtt genuch gemaach, fir jidderee gerecht ze behandelen? Hei e kuerzen Iwwerbléck.**

### D'Wunnengskris – e reelle Problem

D'Präisser fir Wunnenge sinn zu Lëtzebuerg zanter Jore ganz héich. Et gëtt ëmmer méi schwéier fir Familljen, Jonker oder Mënschen mat engem normale Gehalt, eng bezuelbar Wunneng ze fannen.

- Vill Leit ginn iwwer 40 % vun hirem Akommes fir de Logement aus.
- Sozialorganisatioune schwätze vu enger reeller Bedrohung fir d'Existenz vun deene Schwächste vun der Gesellschaft.

Och wann d'Regierung Mesuren hëlt (z. B. Subventiounen, gesetzlech Initiativen), ginn Experten der Meenung, dass d'Resultater net séier oder effikass genuch sinn.

### Klimakris – eng Gefor, déi net all d'selwecht trëfft

Och zu Lëtzebuerg si mir vun de Konsequenze vum Klimawandel betraff: méi Hëtztwellen, Onwieder, méi héije Energieverbrauch.

Besonnesch Mënsche mat niddrege Revenuen leiden:

- Si wunnen dacks an alen Haiser, déi schlecht isoléiert sinn.
- Si hunn net d'Moyenen, fir op Solarzellen, Wärmepompelen oder Elektromobilitéit ëmzestellen.



D'Regierung investéiert an d'Energietransitioun, mee d'sozial Gerechtegkeet an där Entwécklung steet ëmmer méi an der Diskussioun.

## Sozial Rechter – bleift alles wéi et war?

**Verschidde Gesetzesprojeten an Diskussiounen hunn zu Spannungen tëscht der Regierung a Gewerkschaften gefouert:**

- Ännerunge bei de Kollektivverträg kéinten d'Roll vu munche Gewerkschaften veränneren
- Reegelen iwwer Sonndesaarbecht oder
- Gesetzesprojeten iwwert Plazverweis a Demonstratiounsrecht suergen dofir, dass d'Oppositioun a verschidde Institutiounen Angscht virun enger Erosioun vu soziale Rechter hunn.

D'Regierung seet, si wëll nëmmen de System moderniséieren an un déi aktuell Situatioun upassen. D'Kritiker dogéint gesinn hei e Risk, dass déi, déi mat Aarbecht hiert Land droen, no an no u Recht verléieren.

## Wat heescht dat fir mech?

Egal ob ee Student, Aarbechter, Familljemember oder Pensionär ass – dës Themen wéi Wunnengspräisser, Energie, Klimaschutz a sozial Rechter betreffen jiddereen.

- D'Wunnengskris a Klimafolgen si net abstrakt, mee direkt spiirbar.
- Sozial Ongläichheete kéinten méi grouss ginn, wann net gezielt géigegestéiert gëtt.
- Et ass wichteg, dass d'Rechter vun der Gesellschaft an d'Demokratie net lues a lues ofgebaut ginn – och net iwwer „Ëmweeër".

## Fazit:

Zu Lëtzebuerg leeft vill, a ville Beräicher ass Drock am Kessel. Et geet net drëms, Angscht ze maachen – mee dorëms, bewosst ze bleiwen: Sozial Gerechtegkeet, Wunnraum an e fairen Ëmgang mat Klima a Mënscherechter si keng Detailer, mee Fundamenter vun eiser Gesellschaft.



# Pensiounsreform zu Lëtzebuerg: wat ass geplangt, a firwat gëtt se kritiséiert?

**Als Grondinformatioun: de lëtzebuerger Rentesystem besteet aus 3 Seilen:**

### Seil 1: Staatlech Basisrent:

Dës ass obligatoresch an d'Finanzéierung erfollegt duerch Sozialbeiträg déi zu gläichen Deeler vum Staat, de Patrone an all Schaffenden abezuelt ginn. D'Heicht vun der Rent hänkt vun der Versécherungsdauer an dem Akommes of.

### Seil 2: Betribszousätzlech Rent:

Dës ka vum Aarbechtgeber ugebuede ginn a erlaabt et, seng Rent ze erhéijen, zousätzlech zu der gesetzlecher Rent.

### Seil 3: Privat Altersvirsuerg:

All Schaffenden ka fräiwëlleg fir eng privat Zousazrent spueren, zum Beispill duerch Versécherungsvertréig (Artikel 111bis) oder aner Investitiounsformen.

D'Regierung wëll de Pensiounssystem zu Lëtzebuerg reforméieren. Si seet, et wier néideg fir d'Zukunft vum System ofzesécheren – wéinst dem Demografiewandel an dem Drock op d'Finanzen. Awer wéi dat soll ëmgesat ginn, féiert zu ville Froen, Kritik an Diskussiounen.



## Wat wëll d'Regierung änneren?

D'Haaptidee vun der geplangter Reform: D'Leit muss méi laang schaffe goen, fir dass eng „voll Pensioun" ausbezuelt gëtt. Konkret heescht dat bis elo :

- De Grondprinzip vum lëtzebuerger Pensiounsmodel (3 Seilen) mat senge Rentereserven soll bestoe bleiwen – et sollen Ajustementer fir Menschen mat Alteraarmutsrisiko an Ureizer fir Stärkung vun der privater Zusazpensioun geschaafe ginn
- Ab 2030 soll d'Cotisatiounszäit all Joer ëm 3 Méint klammen, bis se 2040 op 43 Joer kënnt (haut si 40 Joer néideg). Wier een haut 45 Joer al misst een dann 2,5 bis 3 Joer méi laang schaffe goen.
- De Pensiounsalter bleift formell bei 65 Joer, mee d'Regierung wëll, dass d'Leit méi laang schaffen, well haut vill Mënsche schonn ëm 61 Joer an d'Pensioun ginn.
- Eng progressiv Pensioun kéint agefouert ginn – dat heescht, deelweis Pensioun bei reduzéierter Aarbecht.
- D'Joere fir Erzéiung oder/an Studium sollen weiderhi ugerechent ginn - hei gëtt näischt drastesch geännert; soll flexibiliséiert ginn. (maximal 10 joer)
- Déi ugeduechte Mossnamen betreffen all Beschäftegt aus dem Pirvatsecteur an dem öffentlechem Déngscht.

## Wéi geet d'Regierung vir?

D'Regierung huet eng „Consultatioun mat de Bierger" gestart mam Numm "Schwätz mat!", fir d'Meenungen aus der Gesellschaft anzesammelen. Elo soll en Gesetzesvirschlag am Hierscht virgestallt ginn.

## Firwat gëtt et Kritik?

Vill Gewerkschaften a Sozialorganisatiounen als och Deeler vun der Bevëlkerung kritiséieren net just de Contenu vun der Reform, mee virun allem d'Manéier, wéi se ugepak gëtt:

- D'Reform gëtt net als richtegen Sozialdialog gefillt, mee éischter wéi eng top-down Entscheedung, déi scho prett ass a just nach kosmetesch diskutéiert gëtt.
- D'Informatiounspolitik vun der Regierung gëtt als ontransparent a fragmentéiert beschriwwen.
- D'Iddi, d'Cotisatiounszäit ze verlängeren, gëtt als sozial ongerecht ugesinn – besonnesch fir Leit mat kierperlech ustrengenden oder niddereg bezuelte Beruffer.

## Déjà-vu: Net déi éischte Kéier

D'Pensiounssystem ass net fir d'éischt um Regierungsprogramm:

- 1995, 1998, 2001 an 2012 gouf schonns um Modell geschrauwt.
- Grouss Manifestiounen an esouguer e Streik hunn déi jeweils Regierung souwéi Parlament net dovunner ofgehalen, deelweis drastesch, Mesuren an der Chamber ze stëmmen.

Dofir fuerderen elo vill Stëmmen, eng éierlech, transparent a sozial gerecht Diskussioun, wuelwëssend dass dat Thema a ganz Europa deelweis gravéierend Verännerungen wéi zum Beispill ass den Rentenalter an Dänemark op 70 Joer gehoff ginn.

## Fazit

D'Pensiounsreform kënnt, mee wéi a mat wéi engem Inhalt, ass nach net ganz kloer. An enger Zäit, wou d'Bevëlkerung ëmmer méi al gëtt an d'Robotiséierung a KI d'Aarbechtswelt verännert, geet et net just ëm Zuelen, mee wéi mir als Gesellschaft mat dem Wandel ëmginn. Dofir fuerdere vill Gewerkschaften an och d'FGFC eng gerecht, sozial an transparent Diskussioun an der jiddereen een Deel vun der Verantwortung droe misst.

FGFC
Jo fir d'Gemengepersonal

# PROTESTPIQUET
## FIR E RICHTEGE SOZIALDIALOG

# ELO!

## 25. JUNI / 13:30
## Virun der Chamber